PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Busnetz zu Lëtzebuerg an d'Groussregioun gëtt vum Lëtzebuerger Staat organiséiert iwwert den RGTR. Am System vum RGTR vergëtt de Staat, iwwer Konzessiounsverträg, ee Groussdeel vun de Busstrecken u Privatfirmen. Am Staatsbudget si ronn 275 Milliounen Euro dofir virgesinn. Dës Strecke goufen ëffentlech ausgeschriwwen, souwéi d'Gesetz vun de Marchés publics dat virgesäit.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Busfirmen existéieren hei am Land?
2. Wéi eng Transportfirme kruten eng Konzessioun vum Staat, fir am RGTR-Netz dierfen ze fueren? (opgelëscht pro Joer, zënter 2022)
3. Wéi vill Busstrecken existéieren aktuell ënnert dem RGTR a wéi vill Kilometer ëmfaasst d'Busnetz dat?
4. Wéi vill Busstrecken a wéi vill Kilometere kruten déi jeeweileg Transportfirmen am RGTR-Netz?
5. Wat ass de relativen Undeel (%) vun all Transportfirma par rapport zum Total vun de Strecken an der Gesamtzuel u Kilometeren?
6. Wéi vill kruten déi eenzel Transportfirmen am RGTR zënter 2022, opgelëscht pro Joer, ausbezuelt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten